N°2171
Entrée le 29.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 2171 vum 1. Abrëll 2025 vum honorablen Här Deputéierte Marc Goergen betreffend "Installations sanitaires au terminus d'une ligne RGTR".**

Den honorablen Deputéierte stellt eng Fro iwwert e Subside fir Toiletten op den Terminus vun den RGTR Buslinnen an der Groussregioun respektiv an der Belsch, Frankräich an an Däitschland.

Prinzipiell ass et net méiglech ausserhalb vum lëtzebuerger Territoire Subside fir Infrastrukture bereet ze stellen.

Vu dass eng Linn jo zwee Terminus huet, wier et bei enger grenziwwerschreidender Buslinn als Alternativ méiglech, um Terminus op lëtzebuerger Territoire e Subside fir eng Toilette ze accordéieren.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes